

Lëtzebuerg, den 13 Januar 2021

Monsieur Fernand ETGEN  
Président de la Chambre des Députés  
LUXEMBOURG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden:

*„Zanter bal véier Joer ginn et elo de „Subside de base“ an de „Subside Qualité +“ fir d'Sportsveräiner, déi lizenziert Sportler bis 16 Joer trainéieren. De Montant vun der finanzieller Ënnerstëtzung ass un d'Ausbildungskrittäre vum Trainer geknäppt, wat en Ureiz fir déi lokal Veräiner ass, fir op eng qualitativ héichwäerteg Betreuung vun de jonke Sportler ze setzen.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Sportminister gäre folgend Froe stellen :*

- *Kann den Här Sportminister eis d'Zuel vun den Demande fir de „Subside de base“ an de „Subside Qualité +“ fir d'Joer 2020 matdeelen?*
- *Wéi laang mussen d'Veräiner an der Moyenne waarde bis si d'Suen iwerverwise kréien?*
- *Wéi gesäit den allgemenge Bilan no véier Joer aus? Konnt een d'Veräiner duerch d'Subsiden dozou incitéieren, fir méi op forméiert Trainer an der Jugendausbildung ze setzen?*
- *Kann de Minister eis op Basis vun den Demande soen, wéi vill Trainer de Moment am Jugendberäich aktiv sinn an eng Qualifikatioun um Niveau EQF3, EQF2 an EDF1 (European Qualifications Framework) hunn?*
- *Gesäit de Ministère d'Noutwennegkeet fir d'Modalitéiten an de Montant vun deenen zwee Subsiden unzepassen? Wa jo, wéini?“*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

Carole HARTMANN  
Deputéiert

Claude LAMBERTY  
Deputéierten